PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

An engem rezente Schreiwes huet de Generaldirekter vum CGDIS de Pompjéëen d'Démissioun vum Directeur Médical et de la Santé matgedeelt. D'Demissioun koum no enger Period, déi vu widderhuelte Kritiken um contrôle médicale vum CGDIS gepräägt war, a werft d'Fro op, ob och Onstëmmegkeeten an der Direction Médicale et de la Santé vum CGDIS d'Demissioun mat verursaacht hunn.
Konkret gouf engem Dokter, dee säit iwwer 10 Joer d'Medico-Ënnersichunge vun den Taucher vum CGDIS gemaach huet, vun der Direktioun vum CGDIS matgedeelt, dass en dës Tâche net méi weider ausféieren dierft, wat zu Spannungen tëscht den involvéierte Parteie soll gefouert hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass et Spannungen an der Direction Médicale et de la Santé vum CGDIS gëtt?

2. Kann d'Ministesch méi konkret Informatiounen iwwert d'Grënn ginn, aus deenen dem besoten Dokter gewëssen Aufgaben entzu gi sinn?

3. Wéi gëtt séchergestallt, dass d'Taucher vum CGDIS am Kader vun hire Medico-Ënnersichungen ëmmer nach vun engem qualifizéierten Dokter examinéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député